Manfred Dempf
Übersetzung: Ariane Rick

www.manfred-dempf.de

Hä?

A: Et ass fierchterlech. Keen lauschtert no.

B: Hä?

A: Keen lauschtert no. Et kann e soen, wat e wëll. Mä keen lauschtert no. Jidderee mécht nëmmen sou wéi wann.

B: Jojo. Traureg.

A: Wat ech de ganzen Zäit mat mengem Tippche schwätzen. An alles wat vun him kënnt, ass esou e gelangweilten „Aha."

B: Aha.

A: Traureg, ganz traureg.

Silence

B: Et ass fierchterlech. Keen lauschtert no.

A: Hä?

B: Keen lauschtert no. Et kann e soen, wat e wëll. Mä keen lauschtert no. Jidderee mécht nëmmen sou wéi wann

A: Dat ass wouer.

B: Dann huet e Kollegen. Mä firwat? Vun deene lauschtert och keen no. Jidderee wëll sech selwer just quaken héieren.

A: Dat ass wouer. Mä ech soen dir eppes: Keen lauschtert no. Jidderee wëll sech selwer just quaken héieren.

B: Haaptsaach, et gëtt geschwat. Ob een nolauschtert, ass komplett egal.

A: *Steet op a geet*

B: Deene meeschte géif et mol guer net opfalen, wa guer kee méi do wier, dee se zouquake kënnen. Kee Wonner, datt keen nolauschtert.

Silence

B: Mä et ass fierchterlech. Keen lauschtert no

Silence

B: Hä?